PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 13/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Viru kuerzem sinn ech mam Auto vu Beetebuerg a Richtung Hëncheréng gefuer. Am Ausgang vun Hëncheréng hunn ech festgestallt, dass do eng Aart Insel an d'Strooss gemoolt ginn ass, déi bei schlechte Wiederkonditiounen net gutt ze gesinn ass. En Deel vun der Strooss, dee soss riicht verlaf ass, gouf elo esou ëmgeleet, dass een entweder op déi fréier Géigespuer muss fuere respektiv een iwwert en Busarrêt muss fueren, den do laanscht déi ursprénglech Strooss verleeft. Et gouf un eis erugedroen, dass vill Leit déi néi Fuerbunnmarkéierung net gutt gesinn an et dowéinst ëmmer nees zu geféierleche Situatioune kënnt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Gedenkt de Ministère eppes ze ënnerhuelen, fir dës Plaz nees méi sécher ze gestallten an esou Accidenter ze vermeiden?
    - Wa jo, wéini soll dat gemaach ginn?
    - Wa nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten